# Huet CNN séng Séil verkaaft?

*Fir déi amerikanesch Neiegkeetechâine CNN war d'Invasioun vum Irak keng gudd Affär. Fir d'éischt huet si de Krich fir déi beschte Quote géint dem Rupert Murdoch säi stramm reaktionäre Kanal Fox News däitlech verluer. An elo geréit si och nach vu ville Säiten an d'Kritik wéinst de journalistesche Methoden, déi si am Irak applizéiert huet. D'Polemik ronderëm d'"Affär" CNN geet wahrscheinlech an d'Léierbicher fir Nowuessreporter an.*

Romain Kohn

**Et wäer awer vläicht eng gudd Geleënheet, fir eng Agenda opzestellen, wéi eng Chaîne wéi CNN an d'Journalisten am allgemenge solle mat Regimer emgoen, déi d'Kommunikatioun no bausse knëppelhaart kontrolléieren. Et as jo nët esou, datt mat dem Saddam Hussein dee leschten Diktator op dëser Welt verschwonne wäer.**

Et si grujheleg Geschichten, déi den Eason Jordan aus dem Irak ze verzielen huet. Zum Beispill déi vun engem irakesche Kameramann, dee fir CNN am Asaatz war. Op eemol war hie verschwonn. D'Police hat hie gekroopt an huet hie wochelaang zerschloen a mat Elektroschock gefoltert. Engem anere Mann, dee fir dem Saddam Hussein säi Fils Udai geschafft huet, hun déi viischt Zänn gefehlt. Si waren him mat enger Zaang vum Udai séngen Appertsleit gerappt gin. An hie sollt nëmmen nët op d'Iddi kommen, sech e Gebëss maachen ze loossen, krut de Mann gesot. Séng Schadegkeet sollt hie säi Liewe laang drun erënneren, wat et géif bedeiten, de Chef rosen ze maachen.

Eng aner Kéier während séngen 13 Reesen op Bagdad zanter dem éischte Golfkrich huet den Udai dem Eason Jordan uvertraut, datt hie wëlles hätt, zwee vu sénge Schworen ze ermuerden an de Kinnék Hussein vu Jordanien, dee si no hirer Flucht bei sech opgeholl hat. Am Fong sin et keng Geschichten, déi den Eason Jordan verzielt, mee Neiegkeeten. Den Eason Jordan as nämlech den Neiegkeetechef vu CNN. Jhust datt déi grujheleg Geschichten, déi hien an engem Commentaire fir d'*New York Times* nom Fall vum irakesche Regime, révéléiert huet, ni op CNN gewise goufen. Nët well si nët gestëmmt hätten, mee well den Eason Jordan fir d'Liewe vun eenzelnen Iraker gefaart hätt. Zum Beispill fir dat vum Dolmetscher, deen als Eenzegen beim Gespréich mat dem Udai derbäi war.

Mee dem Neiegkeetechef séng Attitüde versteet nët jiddereen. Et kéint jo och sin, wéi nët nëmme journalistesch Vertrieder vun der US-Droite behaapten, datt den Eason Jordan dës Geschichten aus anere Grënn zeréckgehal hätt. Nämlech fir datt d'irakesch Autoritéiten de CNN-Büro zu Bagdad nët zoumaache géifen, well de Regime souvill Kritik nët gudd géif verdroen. Den Eason Jordan kontert, datt d'Journaliste vu CNN am ganze sechs Mol aus dem Irak erausgepucht goufen. Dat as richteg, mee et gët och Beispiller, wou een sech froe muss, firwat CNN séngerzäit sou zahm mat dem Saddam Hussein war. Zum Beispill am Hierscht d'lescht Joer, wéi hien 100 Prozent vun de Stëmme krut. Da wäer, sot deemols d'CNN-Reporterin Jane Arraf, "e grousse Beweis vun Ënnerstëtzung" an "en Erausfuederungsvote géint Amerika". Vläicht wollt och jhust deen Dag kee Wieler séng Zänn mat enger Zaang gerappt kréien. Mee dorober huet CNN hier Zuschauer nët opmierksam gemaach…

Ënnert deenen Ëmstänn hätt CNN de Büro zu Bagdad zou- an eng nei Basis nobäi am Ausland sollen opmaachen; dann hätt d'Chaîne sech nët misse komprometéieren, soen d'Kritiker vum Eason Jordan sénger Positioun. Neen, äntwert deen, et hätt näischt bruecht, wa CNN d'Dir geklaackt hätt. Vill Iraker, déi hätte kënnen hier schrecklech Experienz virun der Kamera verzielen, konnten a wollten hiert Land nët aus dem Grond eleng verloossen. Et bleift: CNN wollt onbedéngt en Accès zu Bagdad behalen. Secher fir sech e journalisteschen an domadder och kommerziellen Avantage ze sécheren, mee héchstwahrscheinlech nët eleng dowéinst, dat muss een dem Eason Jordan scho gleewen.

Et as ëmmer eng moralesch Gratwanderung, bannen aus dem Land iwwert diktatoresch Regimer ze schreiwen. Am Fall vum Irak as et gewëss nach ze fréi, fir ze soen, op den Eason Jordan recht hat mat séngen Décisiounen oder nët. Well et sin nët séng puer Beispiller, vun deenen hie seet, méi géifen et der nët gin, déi eng komplett nei Vue op d'Situatioun vun de Mënschen an hierer Rechter géifen am Irak gin. Mee et wäer awer vläicht eng gudd Geleënheet, fir eng Agenda opzestellen, wéi eng Chaîne wéi CNN an d'Journalisten am allgemenge solle mat Regimer emgoen, déi d'Kommunikatioun no bausse knëppelhaart kontrolléieren. Et as jo nët esou, datt mat dem Saddam Hussein dee leschten Diktator op dëser Welt verschwonne wäer. Do gët et weider Kuba a China a Burma a Libyen…

*(Fräie Micro um* **Radio 100,7** *vum 7. Mee 2003)*